



Den 2. Mäerz 2023 war ëm 13:30 Auer déi zweet ëffentlech Gemengerotssitzung fir dëst Joer.

1. Désignation du local particulier de réunion du conseil communal

Ewéi de Corona-Lockdown hei am Ländchen dekretéiert gouf, ass de Gemengerot fir seng Reuniounen an de Festsall vun der Aler Gemeng (« Veräinshaus ») gewiesselt. Elo gouf decidéiert, fir weiderhin – trotz dem Auslafe vun de Corona-Moossnamen – um Veräinshaus als Sitzungssall festzehalen. Op der enger Säit ass de Sitzungssall am Gemengenhais zimmlech enk an op der anerer Säit vereinfacht d'Veräinshaus de Live-Streaming vun de Gemengerotssitzungen. D'CSV-Fraktioun huet ënnerstrach, datt et hir wichteg ass, datt dat déi intresséiert Kulturveräiner net an hiren Aktivitéiten aschränken däerf.

2. Approbation du programme l'action local logement

Am Kader vum Pacte Logement 2.0 huet d'Gemeng missten e Programme d'action local logement (ofgekierzt PAL) ausschaffen. Dëse PAL ass eng Bestandsopnam vu Moossnamen, déi d'Gemeng am Beräich vum Wunnengsbau an den nächste Joren ergräife wëll. Dozou zielen:

- d'Realisatioun vum Wunnengsprojekt an der Grand-Rue ;
- e « remembrement urbain » um Kleng Mies ;
- Opbau vun engem Service Logement op der Gemeng ;
- Membershaft bei der asbl « Gutt Wunnen » (eng Initiativ vun eisem Office social);
- Ënnerstëtze vu private Promoteure bei hire geplangten Cités an der Uecht, an der Renkelsgaass an an der Hondsgaass.

3. Déclassement d'une parcelle de terrain

Eng kleng Parzell vu 6 Zentiar an der Rue de la Chapelle gëtt vum « Domaine communal public » an den « Domaine communal privé » ëmklasséiert. Dat erméiglecht et an enger vun den nächste Gemengerotssitzungen, fir mam Bauhär vum Appartementshaus « Adamseck » op der Kräizung vun der Rue de la Chapelle mat der Route de Boevange verschidde Parzellen ze tauschen an esou en duerchgängeg méi breeden Trottoir ze kréien.

4. Approbation de plusieurs devis

4a. Adaptation de la signalisation routière

Virun e puer Sitzungen hat de Gemengerot en neit Verkéiersreglement fir d'Biisser Gemeng gestëmmt. Als Konsequenz heivunner mussen eng ganz Rëtsch Schëlde ausgetosch an och de Marquage op de Stroossen ofgeännert ginn. Dat kascht am Ganzen 220.400 Euro.

4b. Chemin d'accès « Am Seif »

Op der Héicht vun der Kläranlag am Seif gëtt fir 1.655.855,50 Euro eng Stéchstrooss gebaut, esou datt Entréeë fir déi künfteg Industriebetriber vu Rotarex a vu RollingerTec entstinn. De Präis erkläert sech doduerch, datt dës Betriber mat schwéiere Camionen eropfuere an datt doduerch en zolitten Ënnerbau néideg ass. Laanscht d'Strooss entsteet e breede Wee fir d'Foussgänger an d'Vëlofuere. An der existenter Strooss "Am Seif" muss de Kanal

vergréissert ginn an et gëtt gläichzäiteg dovunner profitéiert, fir d'Reewaasser vum Schmotzwaasser ze trennen.

4c. Nouvelle mairie

De Gemengerot huet déi provisoersch Pläng (« avant-projet sommaire ») fir de Bau vun enger neier Gemeng op der Place de l'Immigration diskutéiert. Fir 11.389.522,14 entsteet e modernt Gebai, wou op der enger Säit genuch Plaz fir d'Gemengepersonal ass. Op der anerer Säit ass et rollstullfrëndlech, well domadder endlech d'Raimlechkeete mam Rollstull accessibel ginn.

Am Rez-de-chaussée sinn d'Servicer ënnerbruecht, déi Publikumsverkéier hunn (z.B. den Etat civil). Och ass hei nach e Raum fir e Geschäft virgesinn. Um 1. Stack fënnt een d'Servicer, déi manner Publikumsverkéier (z.B. de Gemengesekretär), awer och d'Bureauë fir de Buergermeeschter (51 Quadratmeter!) a fir de Schäfferot. Um leschte Stack ass de Gemengerots- ewéi och den Hochzäitssall. Bäi guddem Wieder kann d'Terrass fir Receptiounen no enger Hochzäit genotzt ginn.

5. Adhésion de la commune de Wahl au SICONA

D'Gemeng Wal gëtt Member vum « Syndicat intercommunal du Centre pour la conservation de la nature » (SICONA).

6. Approbation d'une convention

Mat der Madame Brigitte Reding gëtt eng Konventioun fir verschidden Naturschutzmoosnamen op hirem Terrain um Flouer "Steenäcker" ofgeschloss. Esou ginn op 13,5 Ar Fichten ewechgemaach, fir hei ë.a. en 3,4 Ar grouse Weier unzeleeën.

7. Approbation de plusieurs règlements communaux

7a. Utilisation de la Maison de la musique

Am Musekshaus kënnen d'Biisser Awunner an Zukunft déi individuell Proufsäll notzen. Déi méiglech Auerzäiten sinn :

- vu Méindeg bis Freideg vun 10:00 bis 12:00 Auer a vun 13:00 bis 22:00 Auer ;
- samschdes vun 8:00 bis 12:00 Auer a vun 13:00 bis 20:00 Auer ;
- sonndes vu 14:00 bis 20:00 Auer.

Eng Privatpersoun däerf just während 4 Stonnen op op mannst 3 verschiddenen Deeg pro Woch op dës Proufsäll zrëckgräifen. Prioritéit bei der Reservéierung hunn déi jonk Museker.

7b. Taxe en cas de perte ou de détérioration de la clé électronique

Wann een an Zukunft den elektronesche Badge fir den Accès an d'Gemengegebaier verléiert, muss een als Strof eng Tax vu 50 Euro bezuelen. D'Veräiner si vun dëser Reegelung ausgeholl.

7c. Subvention pour l'installation de panneaux photovoltaïques

D'Gemeng subventionéiert d'Installatioun vu Photovoltaikanlagen, an zwar :

- mat 500 Euro bei Eefamilljenhaier ;
- mat 1.000 Euro bei Appartementshaier.

8. Allocation d'un don extraordinaire

Dëst Joer ass d'Gemeng Helperknapp ee vun de « Centre de promesses » beim Télévie. D'Biisser Gemeng accordéiert heizou hiren Nopeschgemeng en Don vun 3.500 Euro.

9. Approbation d'un acte notarié

Am Viichterwee keeft d'Gemeng 518,89 Ar Agrarland (mat engem alen Haus ouni Uschlëss un déi ëffentlech Energieversuergung) fir 990.000 Euro vum Här Nicolas Thillmany. D'Famill däerf d'Scheier nach bis Ënn 2023 notzen. Iwwer déi künfteg Notzung wollt sech de Schäfferot nach net an d'Kaarte kucke loossen, mee d'Agrarland ass wäertvoll fir d'"réserve foncière" vun der Biisser Gemeng.